



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiounsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg war an de leschten Deeg d'Zil vun engem informatesche sougenannten „Denial of Service“-Ugrëff (DoS). Ech bieden den Här Kommunikatiounsminister ëm zousätzlech Informatiounen zu där Attack, déi normalerweis drop aus war, Regierungs-Internetsiten ze blockéieren:

- 1) Wat war d'Envergure vun därer Attack, an zwar esou wuel wat d'Ziel vun den informateschen Ufroen, déi d'Regierungssite sollten ofwiergen, ugeet, wéi och wat d'Ziel vun de Computer, de Smartphonon an allen Internetmaschinnen ugeet, déi un där Attack bedeelegt waren?
- 2) Wéi vill Site vun der Lëtzebuenger Regierung waren d'Zil vun därer Attack a wat fir Site vun der Regierung si mat deene meeschten informateschen Ufroen traktéiert ginn?
- 3) Wat waren d'Konsequenzen: Wéi vill Site vun der Regierung ware während därer Attack guer net oder däitlech méi schwéier wéi normal ze erreechen?
- 4) Trotz Aussoe vun der Regierung um Dënschdeg, datt d'Attack eriwwer wär, ware mëttwochs nach eenzel Siten, notamment vum SIP, net ze erreechen. Huet d'Regierung onvollstänneg Informatiounen iwwer d'Dauer vun der Attack verbreet?
- 5) Ass d'Attack ze lokaliséieren, a wien ass an deem Fall eendäiteg de Schëllegen? Oder ass et eng Attack gewiescht, wou vill Rechner ouni d'Wësse vun hirem Besëtzer agebonne waren?
- 6) Wann de Schëllegen identifizéiert ka ginn, wat fir Schrëtt plangt d'Regierung géint déi Persoun(en), déi Associatioun oder dat Land, déi hannert der Attack stinn?

- 7) Wat d'informatesch Sécherheet hei am Land ugeet: Wat sinn d'Konsequenze vun därer Attack op den Éiergäiz vu Lëtzebuerg, eng modern, leeschtungsfäeg a sécher Informatikinfrastruktur fir d'Regierung an och fir Entreprise a Banke weltwäit ze liwweren?
- 8) Vun engem informatesche Standpunkt gekuckt: Sinn all Sécherheetsmoosname getraff géint déi speziell Form vun informatescher Attack, déi DoS genannt gëtt? Wéi wäit sinn esou Attacken iwwerhaapt ze verhënneren a wéi gëtt sech op esou Attacken eventuell an der Zukunft virbereet?
- 9) Stëmme Presseinformatiounen, datt déi Attack eigentlech net besonnesch staark gewiescht wier an datt se mat adäquate Sécherheetsmesuren hätt kéinte verhënnert ginn?
- 10) Féiert d'Attack zu engem Ëmdenken an zu neie Moosnamen, wat déi informatesch Sécherheet vu Lëtzebuerger Staatssiten ugeet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten